

National- oder offiziell Sprooch? Referendum!

Eppes un der Verfassung ze änneren oder bäisesetzen, dat war „an der Zäit“ eng ganz haart Noss, **déi streng a komplizéiert ëm dräi juristesche/legal schaarfe Ecke** gaang ass. Et ass och gutt, datt d'Grondgesetz vun engem ziviliséiert-demokratesche Staat net egal fir wat all „gudde Broutdag“ ka geännert ginn.

Wat eis Sprooch ugeet, hu mir **referendumsméisseg e speziell staarke „Souvenir“**, deen äis un den 10. Oktober 1941 erënnert, wou d'Nazifatzerten de Lëtzebuerg iwwer een als „Personenstandsaufnahme“ verkleete Referendum de Wee „*Heim ins Reich*“ wollte weisen. Dat formidabelt Resultat dovun – 3 mol nix däitsch mä lëtzebuergesch, och fir d'Lëtzebuerg Sprooch! – ass haut **d'Wuerzel vun der „Journée de la Commémoration nationale“** ..., déi (bei allem Respekt fir eis traditionell Gebräicher) am Fong eisen Nationalfeierdag an Éierendag vum Grand-Duc misst sinn.

Den 23. Juni ass eng wäitleefeg Erënnung un de Gebuertsdag vun eiser héich verëierter Grande-Duchesse Charlotte ..., déi ower selwer der Meenung war, datt een deen nationale Feierdag sollt an eng besser Joereszäit wéi den 23. Januar, matzen am Wanter, leeën. Zënterhier geet och **praktesch keng Ried méi vu Groussherzogs- resp Kinneksgebuertsdag, mä vun Nationalfeierdag!** Wat sech do am Numm vun deer Feier geännert huet, dat misst emol méi iwwerluecht ginn. Den 10. Oktober hätte mir äis alleguer als groussen an houfregen nationale Volleks-Resistenzdag verdéngt! Firwat kënn et een déi Fro net och anengems bei engem Referendum stellen?

Et ass gewosst, datt **d'Lëtzebuergesch seng Plaz an nächster Zäit an eis Constitutioun fënnt**. Mä et steet nach net fest, wou dat soll sinn a wéi eis Sprooch „libelléiert/tituléiert“ gëtt. An der Virbereedungs-Commissioun fir d'Sproochgesetz vun 1984 hu mir äis kloerweis och iwwer den Ënnerscheid tëscht „langue nationale“ a „langue officielle“ laang Gedanke gemaach, also tëscht deer allgemenger Sprooch vun de Lëtzebuerg an dem komplexe Sproochgebrauch op „offiziellem“ Plang. Do läit, fir Lëtzebuerg spezifesch, eng däitlech Differenz!

Kee verstännege Mënsch kann eppes géint déi 2 „friem“ Sproochen hunn, déi zënter ronn 10 Generatiounen hei an der Schoul an am offizielle Sproochgebrauch „doheim“ sinn ... mä eis Natioun ass weder franséisch- nach däitschsprocheg. A wouraus besteet eng Natioun?!

D'Lëtzebuergesch – e kloer germaneschen IDIOM, grad ewéi d'Niederlännescht, dat Dänescht/Skandinavescht – ass nun emol **déi Sprooch, an deer mir äis hei bannent eise ronn 2 600 km² verstännege**. Ënner „mir“ sinn net simplistesche „Awunner“ oder esouguer, statistesch-iwwerdrifwen, och nach eis „Frontalieren“ ze verstoen. D'Natioun, dat sinn – wéi am Frankräich d'Fransousen, an England d'Englänner, a Spuenien d'Spuenier oder am Portugal d'Portugisen, an der Schwäiz d'Schwäizer – nun emol **déi, deenen dat Land souverän an international-rechtlech gehéiert**. Datt si sech alleguer matenee kënnen fir dësen oder deen Zweck zezummendoen, ass verstännege an eng Chance ... ower jiddereen ass a bleift zuguderlescht Meeschter „op sengem Haff“! Mir och.

D'Madame Viviane Reding – déi äis mengerwäreg als EU-Commissaire dobausse kee schlechten Numm gemaach huet – weess, vu wat si schwätzt, wann si seet, **mir butzeg Knatzerte wieren, grad ewéi aner „Klenger“, ganz séier „ënnergebottert“**, wa mir äis net fir eis Rechter géenge wieren. Vrun allem doduerch, datt mir mat eise klenge Mëttele weisen, wie mir sinn: Dat fänkt bei eisen National-Symbolen un: eise Fändel/Wopen; eis Nationalhymn ... an eis Sprooch. Genee dat soll och kloer – wéi an anere Länner – an eiser Verfassung stoen ... a firwat net iwwer Referendum?!

Führerschäin oder Permis?

Mir gebrauchen déi zwéin Ausdréck. Ower fir Motor, Auto, Camion oder Bus ze fueren, muss een e „Führerschäin“ hunn, deen ee ... „gemaach“ huet. Ob dat äis elo passt oder net: Hei hu mir et zwar mat engem houbescht-däitschen Ausdréck ze dinn; **et guff ower ni en aneren, an domat ass dat och da gehal**. Mir hu jo och e „Schalter“ an e „Stecker“ ... a wien dorun eppes „à la flamande“ wëllt änneren, deen ass en overstännege Fanatiker, basta.

Wëllt dir fir fëschchen oder op d'Juegd ze goen „an der Rei sinn“, da geet bei äis vun engem „Permis“ rieds; domat ass kloer, datt mir äis ouni Problem grad esou gutt e franséische wéi en däitschen Ausdréck an eiser flotter Sproochsituatioun kënnen leeschten ... wa mir (leider) net selwer e lëtzebuergesch Wuert dofir (gemaach) hunn. Bei enger Partie Ausdréck, **apaart um technesche Plang**, ginn esouguer de franséischen an den däitsche gebraucht: huelt emol de „Lautsprecher/Hautparleur“. Hei kënn ee sech eng flott Diplomaarbecht fir e Bachelor- oder Masterkandidat virstellen ... Mir sinn, wéi schon sou dacks, prett, fir ze hëllefen!

vum Lex Roth



(Foto: Teddy Jaans)

Dem Kinnek säi Bouf?

Et ass **eng Fro vu Sproochgefill**, wéi een e Jong an deene verschiddenen Altersperioden nennt. Esou ongefëier, wéi e Meedchen ëm déi 15 Joer eng „Joffer“ gëtt, huet **och e Bouf e Recht drop, da kee „Bouf“ méi ze sinn**, mä e Jong. Op d'mannst eng Grimmel gelungen ass et ganz kloer, wann ech fir mäi Jong vu 40 oder nach méi Joeren, dee vläicht och längst ewell Papp ass, nach ëmmer vu mengem „Bouf“ soll schwätzen; wéi gesot: eng Saach vu Sproochgefill ... oder vun enger Zort Flappegheet.

Wien säi Jong **„Fils“ (Fiston, Fissi)** oder säi Meedchen **„Duechter“** wëllt nennen, deem sief dat roueg vergonnt. Dee Stater „Son“ kann een zwar mam hollännesche „Zon“, dem englesche „Son“ oder dem däitsche „Sohn“ explizéieren; am Lëtzebuergesch huet et esou eng Zort Geroch no „Pupegheet“ vu „bessere Leit“. Och an der Kierch. Et passt einfach net an eis Sprooch. **„Jong“ läit ëmmer richtig an eise Ouer**. An deem Streech: Wéi kënn et iech da vir, wann elo dem spuenesche Kinnek säi Jong bei äis plazeweis als dem Juan säi „Bouf“ dohinner gestallt gëtt? Dat ass dee flotte Kärel ganz sécher net. Datselwecht gëllt fir eisen Ierfgroussherzog Guillaume!

Eise Fändel

Mir hunn elo **nach exakt 14 Deeg**, fir drun ze denken, driwwer ze „kalenneren“, ob mir fir Nationalfeierdag e Lëtzebuerg Fändel sollen eraushänken oder an d'Fenster stellen. Dir kritt se an alle Gréissten a Präisser ze soen op jiddwer „Strooseneck“!

Dat huet näischt mat naivem „Nationalismus“ ze dinn, mä mam **Merci fir d'Chance**, datt mir net e Motzeck vun engem Nopeschland gi sinn; mam **Respekt** fir déi, déi eist Land opgebaut ... a mat Leed, dacks dem Doud, fir äis versuert hunn ... vläicht ower och mat en etleche **léiwe Gedanken** un déi Generatioun vu „frieme“ Leit, déi bei äis komm sinn, sech hei erageliefert an eng nei Heemecht fonnt hunn!

Brauche mir Knospen?

Ganz kloer NEEN! **Dat sinn a bleiwe „Knäpp“**, an zwar op eng ganz Partie Fassongen. Bei äis si Planzen „an de Knäpp“, wann si am Däitsche *„Knospen haben“* ... dofir ass am Lëtzebuergesch och näischt TV-„knuspereg“, mä „krupseg“, wat esou gutt „kréckelt“, wann een drop knat. „Knäpp am Gesiicht“ mussen der „acné juvénile“ och keng Plaz maachen, an ewech ginn se jo d'meescht vum selwen. Wann ee „Knäpp huet“, dann huet dat näischt mam Gesiicht ze dinn, och net mat der „Knäpperchesharmonika“ oder mat all deene komplizéierte „Knäppercher“, mat deenen e Pilot muss eens ginn. Mat de Knäpp si mir och bei der **Famill vum Knapp a vum Knäppchen oder der Knupp op eiser Kadasterkaart**; et war eng schéin Iddi, datt de „Geesseknäppchen“ zu Märel an der Zäit net extra fir den Atheneum ëmgedeft ginn ass ... och wann et elo e sëlliche „Knäpp kascht“, fir dat ganz Gebai „bannebaussen“ ze dréinen. Déi Saach ass ower elo gutt „an de Knäpp“!

Ëmpege?

Bei all deem **Gefiederméchels ëm Gewiichter a Gesiichter** kënn eis Sprooch gutt no ... an esouguer mat Ausdréck, déi typesch eiser sinn! Oder mengt dir, zu Berlin géng ee verstoen, wat e „gouerege Rippchen“ ass; en „décke Schweessert“; e „pänzege Bëlles“; eng „ëmpege Spréif“; en „trëllege Flappes“; eng „déck Bratsch“; e „Spizert“; eng „houfreg Huppegeess“; e „Plakapp“; e „gakege Flantes“; eng „vermengte Popp“; e „laangt Bëtschel“; e „kleespere Männi“; e „razege Knatzert“?

Wann et méi graff gëtt, dann héiere mir **och Ausdréck, déi näischt méi mat fein oder manéierlech, ower mat typesch Lëtzebuergeschem ze dinn hunn**: roud Weckdéif, wäisse Biischtert, schiele Guckuck, Baluckert, dawé Mëtteg, krommen Hond ... alles wéi net schéin! Mengt ower nëmmen net, dat giff et an anere Sproochen net ginn; wat haalt dir dann z. B. vun deem franséische *„cul-de-jatte“*?

Generalversammlung

vun der Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch

Samschdes, de 14. Juni, um 16 Auer

an der Stad „Am Dierfchen“ (rue du Nord/Cassinogaass)